Här Deputéierten, Léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Wäert Vertrieder vun de Resistenzorganisatiounen,

Léif Representante vun de Gewerkschaften,

Dir Dammen Delegéiert vum SIT, wäert Matbierger

**Virun iwwer 75 Joer tëschent 1940 an 1945 hat e schreckleche Krich d'Welt fest am Grëff. Och eist Land ass net verschount bliwwen, a louch um Enn vu Kriich um Buedem.** Een Zweete Krich huet d'Welt laang Méint an Otem gehal, an grouss Deeler vun Europa a Lëtzebuerg sinn zerstéiert ginn. Stroosse futti oder verschwonnen, Brécke gesprengt, an Iwwerreschter vu Bommen, Kugelen a Granatsplitter an de Wunnquartieren.

**Et wor een donkelt a schrot Kapitel vun eiser Geschicht**, mat Dout, vill Leed an Trauer duerch de Naziterror mat véier béise Joer vun Occupatioun. Duerch déi brutal Invasioun gouf ouni Zweiwel d'Integritéit an d'Neutralitéit, d'Indépendance an d'Fräiheet vun eisem Land regelrecht mat Féiss geträppelt an de Besatzer huet vun Ufank u probéiert, déi kleng Communautéit an dat grousst Räich ze inkorporéiere – dëst och mat Hëllef vun äifrege Kollaborateuren.

D'Judden am Land goufe gejot an deportéiert. Déi, déi dem Regimm net gepasst hunn, si verfollegt, ëmgesidelt oder bestrooft ginn, vill vun hinne sinn ëmbruecht ginn. Och Leit vu Schëffleng.

**Déi schwéier Schicksalsmomenter ginn vrun allem zréck op den 10. Oktober 1941**, wéi d'Lëtzebuerger mat Nodrock a grousser Däitlechkeet an der "Personenstandsaufnahme" hirem Wëllen Ausdrock ginn hunn, onofhängeg wëllen ze sinn, fräi nom Motto: Mir wëlle bleiwe, wat mir sinn. Et ass sech gewiert ginn!

Vun deem Ablack un huet d'Populatioun Dag fir Dag den Naziterror, a senge crujelegster Form, ze spiere kritt.

**Nom 30. August 1942 goufen d'Jonge vum Land an dem Feind seng Arméi gezwongen.** Et koum zum Streik, zum Opstand. Mir Schëfflenger – oder besser gesot d'Schëfflenger Schmelzaarbechter - hunn dëst Kapitel vun der Geschicht matgeschriwwen. D'Reaktioun huet net op sech waarde gelooss: Leit goufe verhaft, an d'KZer deportéiert, exekutéiert; d'Famille vu Refractairen an deene Jongen, déi aus der Wehrmacht desertéiert sinn, goufen zwangsëmgesidelt. Un all dës Schicksaler gëtt sech haut hei zu Schëffleng a muer erënnert e.a. um Kanounenhiwwel an der Stad, beim Monument à la mémoire des victimes de la Shoah, bei der Gëlle Fra virun Monument du Souvenir op de Place de la Constitution an och beim Hinzerter Kräiz, dem Monument National de la Résistance et de la déportation.

**Am Kader vum nationale Commemoratiounsdag gëtt dës Joer 2020, esou steet et an der Proklamatioun vun der Regierung, ganz besonnesch un "ons Meederecher", also un déi 3614 jonk Frae geduecht, déi als Zwangsarbechterinnen an de Reichsarbeitsdienst – RAD forcéiert goufen.** 58 Frae sinn an der Friemd gestuerwe. Déi

meescht jonk Fraen goufe vun der Gare Lëtzebuerg aus an Däitschland transportéiert. Op der Gare gëtt dowéint muer eng Plack ageweit, fir un dëst Schicksal ze erënneren.

E flott Zeeche an ee korrekte Geste vis-à-vis vun de ville Fraen, déi am Kriich eng wierklech schwéier Laascht ze droe haten a mat hirer Roll villes am Kriich - oft eleng - gemeeschtert hunn. Ouni d'Frae wier villes net méiglech gewierscht: sie hunn d'Resistenz gestäipt, sie woren de Pilier an de Familje, sie stungen deenen zur Säit, déi net eens gi sinn mat dem Leed a mat der Aangscht ëm hir Léifsten, ... sie hunn Courage an Hoffnung geschenkt, ... **dës virbildlech Aufgabe solle mir mat déifem Respekt a mat engem grousse Merci honoréieren.**

Déi däitsch Besatzung huet - ouni Zweiwel - vill Facetten kannt, huet vill Schicksalsituatiounen provozéiert, huet sech mat Terror an Ënnerdréckung iwwer Waasser gehal, an huet grouss Nout a Suergen evoquéiert, ... an et wor net evident fir dovun auszegoen, datt de Kriich séier en Enn fënnt ...

Allerdéngs koum 1944 lues Hoffnung op, well um Enn vum Tunnel huet Liicht geschimmert. Mat der Landung vun den Alliéierten an der Normandie huet d'Liberatioun vun Europa ugefaangen. Awer et war e laangen a beschwéierleche Wee. Couragéiert Lëtzebuerger hunn sech hei am Land an der Resistenzbeweegung, am franséischen a belsche Maquis oder an den Arméie vun den Alliéierten engagéiert. Ongezielten Zivilisten - et woren séier oft Fraen - hu gehollef, déi jonk Zwangsrekrutéiert ze verstoppen, hunn hinnen z'iesse bruecht oder hinne gehollef ze flüchten ...

Och déi groussherzoglech Famill huet d'lëtzebuergesch Bevëlkerung net am Stach gelooss: Vun England aus huet d'Groussherzogin Charlotte iwwer de Radiosender BBC den ënnerdréckte Lëtzebuerger Courage gemaach, de Prënz Felix an deemologen Ierfgroussherzog Jean hunn u militäreschen Asätz deelgeholl. Wéi den 9. September d'amerikanesch Truppen no heftege Gefechter endlech zu Lëtzebuerg ukoumen, war de Krich nach laang net gewonnen. Et goufen zwar vill Uertschafte befreit, ma net all.

**Natierlech wor d'Erliichterung grouss ewéi viru 75 Joer den Zweete Weltkriich zu Enn gaangen ass ... e Moment oder Momenter, wou déi wéinegst vun eis dobäi woren,** well ze jonk ... allerdéngs d'Grousselteren an deelweis och d'Eltere vu menger Generatioun, déi de Kriich erlieft an matgemeet hunn, hunn oft an Erzielungen – an och dat wor och net ëmmer einfach, a net jiddereen konnt et och – dowunner geschwat:

De Fin Mot: Et wor eng schwiereg Zäit, an et wor eng kompliziéiert Zäit!

Egal wéi: d'Awunner woren ëmmer nees hin- an hier gerappt tëschent Freed oder Hoffnung an Angscht a Leed, et war zu all Moment eng onsécher, jo och nom Enn vum Kriich, ëmmer nees oder nach eng geféierlech Zäit. Et war alles anescht ewéi einfach, fir nees Uerdnung hierzestellen. D'Grenzzonen zu Däitschland sinn deelweis zu engem No-man'sland ginn.

Wien konnt, ass méi wäit an d'Land era geflücht. Lëtzebuerger hunn wéi schonns gesot an de Reie vun den Alliéierte fir d'Fräiheet gekämpft, eng Fräiheet, déi Dausende vun hire Compatrioten an de Prisongen, de Konzentratiounslageren, de Vernichtungslageren oder de Lagere fir politesch Deportéierter laang verwiert war. Dausende vun Zwangsrekrutéierten hunn an de Gefaangenelager oder un der Front een haart Schicksal mussen erdroen.

Enn 1944 koum et bekanntlech zur Ardennenoffensiv, bei där den Norde vum Land schwéier getraff gouf. Doudeger a Verletzter, Krichsverbriechen an Zerstéierungen hunn och do

zum Alldag gehéiert. Mat den Tréinen huet sech och d'Hoffnung op en noe Fridden ëmmer méi verwëscht. An dach, am Februar-Mäerz 1945 ass – Gott sei Dank - de schlëmme Krich zu engem Enn komm.

**Bei allem, wat geschitt ass, solle mir net vergiessen, datt d'Befreiung nëmmen erméiglecht gouf duerch eng exemplaresch Solidaritéit tëscht Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger.** Si huet sech no an no entwéckelt, an um Enn leider vill Mënscheliewe kascht. Ma jidderee wousst, wou seng Plaz wier a wat um Spill stéing: d'Iwwerliewe vun der Natioun an d'Libertéit vun der Populatioun.

Elo, am Joer 2020, also 75 Joer méi spéit, ass ëmmer nach Krich an der Welt. Aner Kricher, déi och Leed a Nout, Dout an Elend bréngen. Kricher, déi grad esou vill Solidaritéit a Courage fuerderen.

**E weidere Fakt ass, datt d'Zeie vun deemools eis lues a lues verloossen. Allerdéngs si sinn net gaangen, ouni eis eppes ze hannerloossen:** Hir Krichserliefnisser, déi net sollten an de Vergiess geroden! Loosst eis d'Affer an Éieren halen, andeems mer eis mat hirer Geschicht befaassen an d'Erënnerung u sie um Liewen erhalen! An dat geschitt jo och ... um nationale Niveau an och mir als Schëfflenger Gemeng sinn a bleiwen opgeruff, déi ze éieren an ze apprecéieren, ze honoréiren, déi et verdéngt hunn.

**Wat si op sech geholl hunn, huet et erlaabt, de Krich zu engem Enn ze bréngen, erëm Fridden ze hunn an eng Gesellschaft opzebauen, déi op festen demokratesche Fundamenter steet.** Loosst eis hire Message weiderginn! Um nationale Gedenkdag ass et eis alleguer op en Neits en Uleies, Merci ze soen: de Befreier an de Compatrioten, vun deene jidder Eenzelen op seng Art a Weis dozou bäigedroen huet, datt Haass a Gewalt – zumindest an groussen Deeler vun Europa - zerguttst verschwonnen sinn, wuel wëssend, datt de Fridde keen Acquis fir d'Eiwegkeet ass.

D'sozial Kohäsioun vun der multikultureller Communautéit zu Lëtzebuerg ze garantéieren, läit eis all um Häerz. An engem Europa, dat ëmmer nees un senger Identitéit schafft a feilt, ass et eis Flicht, derfir ze suergen, datt d'Geschicht net vergiess a net ignoréiert gëtt, fir datt extremistesch an antisemitesch Gedanken ... do, wou zwee Weltkricher näischt anescht wéi Leed an Zerstéierung mat sech bruecht hunn, ... ni méi kënne Fouss faassen. **An dat ass een Defi, deem mir eis zesumme stelle musse. Mat roueger Hand sécherlech, dofir awer resolut, behäerzt an décidéiert.**

Haut 75 Joer méi spéit sinn d'Wonnen deelweis geheelt, allerdéngs Narbe bleiwen. Viru 75 Joer wor et och d'Zäit vun der Liberatioun. An d'Freed vun der Befreirung ass bei deene Leit, déi virun iwwer 70 Joer derbäi waren, sécherlech nach ëmmer vermëscht mat Nodenklechkeet an Trauer .Och wann d'Wonne geheelt sinn ... esou bleiwen sécherlech Cicatricen zréck ... sie hëllefen allerdéngs och d'Erënnerung wackreg ze halen.

**Haut, um nationale Gedenkdag, dee mir zënter 1946 halen, wëlle mer un déi 4400 Lëtzebuerger Affer denken, déi den Éierentitel „Morts pour la patrie" droen.** Mir wëllen awer och déi vill Friem net vergiessen, déi bei eis gelieft hunn an déi och Affer vun der Nazipolitik goufen.

Den Affer ze gedenken ass eis éischt Flicht. Si hunn hiert Liewe gi, fir datt mir a Fridden a Fräiheet liewe kënnen. D'Erënnerung un déi grujeleg Zäit, wëlle mir och waakreg an héich halen. Et ass e Schrëtt fir dat ze realiséiere, wat 1945 all Mënsch gesot huet**: „Plus jamais ça!" „Nie wieder!" „Never again". Nie méi!!**

Op der anerer Säit:  De Misär an der Welt vun haut, déi schrecklech a brutal Kricher net wäit ewech vun eis, d'Nout, d'Leed an d'Tortur vun de Réfugiés – weise awer, datt Intoleranz an Haass vis-à-vis vun aneren Iddeeën, Kulturen, Reliounen a Rassen ëmmer nach präsent ass.

Elo, wou mir eis un eis Geschicht erënneren, solle mir eis dem Schicksal vun deene Matmënschen net verspären. Leit, déi uechtert d'Welt un Honger leiden an stierwen, Leit, déi uechtert Welt Affer si vu Krich, Terror, Intoleranzen an Extremismus, Leit, déi verdriwwe ginn, déi flüchten.

Eis Responsabilitéit ze hëllefen an eisen Asaz géint all Form vun Diskriminatioun, Gewalt, Terrorismus an aneren extreme Gedanken oder Doten dierf nie zu Enn goen.

**Fänk nie un opzehalen am Asaz géint Ongerechtegkeet, géint Ënnerdréckung an Onfräiheeten a fänkt ëmmer nees nei un géint Ongerechtegkeet, géint Ënnerdréckung an Onfräiheeten am Asaz ze sinn, sot den Dag Hammerskjöld, fréieren UNO-Generalsekretär a Friddensnobelpräisträger.**

De Mahatma Gandhi huet sech esou ausgedréckt. Et gëtt kee Wee zum Fridden, de Fridden ass de Wee ... d'Mutter Teresa: D'Liewen ass Léift, an d'Geschenk vun der Léift ass de Fridden. An de Fridden ass déi eenzeg Léisung fir all Problemer op der Welt.

An de Willy Brandt sot, och fräi iwwersat: Fridden ass net alles, awer ouni Fridden ass alles Näischt.

Genee an dësem Geescht gesi mir den Dag vun haut: eng Commemoratioun un déi vill Affer an den Asaz fir Fridden a Gerechtegkeet.

Am Respekt mat de Kriichsgeneratiounen, déi sech géint e faschistesche Regimm gewiert hunn, soe mir Iech Merci fir Är Präsenz op dëser Commemoratiounsfeier.

E Merci eise Chorales fir de Gesank ënnert der Direktioun vum Emmanuel Junk. E Merci dem Michel Weber op der Trompett an dem Eric Gherardi op der Trommel fir d'Ofspille vun der Sonnerie, e Merci dem Här Paschtouer Charles Bremer fir d'Mass, déi muer gelies gëtt.

D'Commémoration national ass e Moment vun der Besënnung a vun der Erënnerung. Et ass e Moment, wou Bierger, wou Dir, Iech géint d'Vergiessen asetzt, d'Erënnerung fleegt a gläichzäiteg fir Fridden, Gerechtegkeet a Fräiheet antrëtt!

E staarkt Zeechen. Merci. An als Ofschloss invitéiere mir Iech eis Heemecht ze sangen.